



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/10/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Den Här Minister huet an den Äntwerten op d'parlamentaresch Fro 131 vum honorabelen Deputéierte Goergen an op d'Fro 732 vun den honorabelen Deputéierte Gloden an Halsdorf Detailer iwwert de Fonctionnement vum Streckeradar vun der N11 ginn, deen nom Congé collectif opgeriicht an nach dëst Joer a Betrib geholl soll ginn. Pro Richtung sollen 3 Maschinnen opgebaut ginn: Eng, déi d'Vitesse vun all Gefier um Ufank vun der Stréck moosst, eng, déi d'Vitesse zum Schluss mësst, an eng, déi am Fall vun engem Dapassement vum Tempolimitt blëtzt. Fir dass e Chauffeur geblëtzt ka ginn, mussen déi dräi Maschinnen also perfekt zesummespillen a funktionéieren. Wann nëmmen eng Maschinn e Kennzeechen net erfaasst krit, kann trotz enger ze héijer Vitesse net geblëtzt ginn.

Toll Collect, déi am Kader vun der Kontroll vum Peage fir Camionen an Däitschland Kennzeechen am grouse Stil erfaassen a vergläichen, hu viru kuerzem op Ufro vum däitschen IFG missten zouginn, dass hir Apparater eng Feelerquote vu 4 bis 7 Prozent hätten. Wann een dës Informatioun bezüglech der Feelerquote bei der Kennzeechenerfaassung elo mam Fall vun der N11 a Verbindung sëtzt – wou dräi Maschinne mat Kennzeechenerkennung zesummeschaffe mussen – ergëtt sech eng potenziell Feelerquot tëscht 11,52% (bei 4% Feeler pro Maschinn) an 19,56% (bei 7% Feeler pro Maschinn).

Dës potentiell héich Feelerquoten erschwéiert zesumme mam Fait, dass bei de Radare keng "Rohmessdaten" gespäichert ginn (wéi de Minister an der Äntwert op d'Fro 798 vum honorabelen Deputéierte Goergen geschriwwen huet), natierlech d'Novollzéibarkeet vun de Resultater vun de Maschinnen erhieflech.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich gëtt den Hiersteller d'Feelerquot bei der Kennzeechenerkennung vun de Radaren, déi zu Lëtzebuerg agesaat ginn, un?
2. Ginn et empiresch Studien oder Erfahrungswäerter vun anere Benotzer, déi mat Maschinne mat der selwechter Hardware geschafft hunn, iwwert d'Feelerquot vun der Kennzeechenerkennung?
3. Wéi gi Fäll, an deenen d'Placke vun engem Auto net zu 100% erkannt kënnen ginn, vun der Software (déi jo aktuell nach ëmgaangen ass geschriwwen ze ginn, wéi aus der Äntwert ob d'Fro 732 ervir geet) behandelt?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

4. Ass et méiglech nodréiglech nozevollzéien, ob Basis vu wéi engen Donnéeën (oder feelenden Donnéeën) d'Maschinn decidéiert huet, ze blätzen (oder eben och net ze blätzen)? Falls jo: Wéi genee muss virgaange ginn, fir den Entscheidungswee nozevollzéien?
5. Wien ass den Zouliwwerer vun de Komponente vum Streckeradar vun der N11?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

